



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n°808 vum 29. Mee 2024 vun den honorabelen Hären Deputéierte Sven CLEMENT a Ben POLIDORI**

**Ad 1**

	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022
<b>Divorce pour cause déterminée</b>	343 <sup>1</sup>	455 <sup>2</sup>	218 <sup>3</sup>	581	434	436	400	172 <sup>4</sup>	47 <sup>4</sup>	12 <sup>4</sup>	6 <sup>4</sup>
<b>Divorce par consentement mutuel</b>	746 <sup>1</sup>	837 <sup>2</sup>	249 <sup>3</sup>	764	805	798	811	906	632	658	594
<b>Divorce pour rupture irrémédiable</b>	N.A. <sup>5</sup>	N.A. <sup>5</sup>	N.A. <sup>5</sup>	N.A. <sup>5</sup>	N.A. <sup>5</sup>	N.A. <sup>5</sup>	19	828	768	730	643
<b>Total des divorces prononcés</b>	1089	1292	467	1345	1239	1234	1230	1906	1447	1400	1243

Quell : Rapport d'activité 2022 des juridictions judiciaires et des parquets

<sup>1</sup> Fir d'Period vum 16.09.2012 bis zum 15.07.2013.

<sup>2</sup> Fir d'Period vum 16.09.2013 bis zum 15.07.2014.

<sup>3</sup> Fir d'Period vum 16.09.2014 bis zum 31.12.2014.

<sup>4</sup> Scheedungen, déi nom ale Gesetz gesprach goufen.

<sup>5</sup> Den *divorce pour rupture irrémédiable* ass 2018 agefouert ginn.

**Ad 2 bis 4**

Zënter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 27. Juni 2018 gëtt d'*autorité parentale* gemeinsam vu béiden Elteren ausgeübt. Eng Scheedung vun den Elteren ännert dorunner näischt. Dofir ginn et zënter Juli 2018 och keng Gerichtsdecisiounen, déi d'*autorité parentale* béiden Elterendeeler zousprécht.

D'Notioun vum "*droit de garde*" ass duerch d'Gesetz vum 27. Juni 2018 aus dem Code civil verschwonnen.

Am Fall vun engem *divorce pour rupture irrémédiable des relations conjugales* versicht de Riichter d'Parteien ze versöhnen, respektiv hinnen ze hëllefen een Accord ze fannen, betreffend der Residenz vun de Kanner an de Modalitéite vum Besuchsrecht. Falls keen Accord zustane kënn, hält de Riichter eng Decisioun a Funktioun vum Interêt vun de Kanner. Heifir gëtt ënner Anerem gekuckt, wéi al

d’Kanner sinn, wéi wäit d’Elteren ausernee wunnen a wéi d’Famill virun der Trennung vun den Eltere funktionéiert huet.

Bei klenge Kanner, respektiv Kanner déi nach gestëllt ginn, gëtt d’Residenz meeschtens bei der Mamm fixéiert. De Papp kritt an dëse Fäll e reegelméisseg Besuchsrecht. Wann d’Kanner iwwer 7 Joer al sinn, gëtt a ville Fäll eng *résidence alternée* op Prouf decidéiert.

#### **Ad 5**

Decisiounen, déi e Besuchsrecht refuséieren, ginn op illimitéiert Zäit gesprach. Eng däraarteg Decisioun kann awer nëmme gesprach ginn, wann et grav Grënn gi firwat et gerechtfäerdigt ass, all Kontakt tëscht dem Elterendeel an dem Kand ze ënnerbannen. Falls e Kontakt trotzdeem am Interêt vum Kand ass, gëtt probéiert e professionell encadréierten *droit de visite* ze organiséieren.

D’Fixatioun vun engem Besuchsrecht gëtt ni vum Familljeriichter un een externe Service delegéiert. Am Kader vun engem *droit de visite professionnellement encadré* chargéiert de Riichter e Service d’Besuchsrecht ze exekutéieren. Am Kader vun der Exekutioun vum Besuchsrecht erlaabt de Riichter dem chargéiertem Service d’Modalitéite vun de Visite selwer festzeleeën.

De Familljeriichter kann och eng Therapie tëscht engem Kand an engem Elterendeel ordonéieren. Dëst kënnt éischer bei Jugendleche vir. An dëse Fäll erlaabt de Riichter dem Therapeut et selwer ze decidéieren, ob et zu net accompagnéierte Begéinungen tëscht dem Elterendeel an dem Kand kënnt oder net.

Lëtzebuerg, den 27 Juni 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue